N° 7496
Entrée le 20.01.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 20.01.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/01/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Energie & Wirtschaft weiderzeleeden.**

De Moment gëtt an de Medie vill iwwert Lützerath geschwat. Den Energiekonzern RWE baut schonn zënter Joren direkt nieft Lützerath Kuel of. Fir d'Kapazitéite vum Kuelenofbau z'erweideren, soll Uertschaft zu Lützerath elo wechgerappt ginn. D'Leit goufen dowéinst mëttlerweil alleguer ëmgesidelt. Well den Ofbau vu Kuel als klimaschiedlech gëllt, hate Klimaaktivisten d'Duerf besat, fir op dës Aart a Weis ze probéieren, de Projet ze stoppen.

RWE ass net nëmmen an Däitschland am Secteur vun der Energie aktiv, mee och hei am Land.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. A wéi enge Projeten zur Hierstellung vun Energie schafft de Lëtzebuerger Staat mat RWE zesummen?

2. Setzt de Lëtzebuerger Staat zesumme mat der RWE a Verwaltungsréit vu Gesellschaften? Wa jo, a wéi enge Gesellschaften ass dat de Fall an zënter wéini?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten